N°7266
Entrée le 30.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 01.12.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/11/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

De Service Central d'Assistance Sociale, kuerz SCAS, spillt am Domän vum Jugendschutz eng ganz elementar Roll a schafft ganz eng mat de verschiddene juristeschen Institutiounen zesummen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Opgelëscht pro Joer, wéi huet sech d'Unzuel vun de Fäll an Dossieren, ëm déi sech de SCAS këmmert, zënter 2010 verännert?
2. Wéi vill Persoune sinn zënter 2010 bei den Effektiv vum SCAS dobäi komm?
3. Wéi laang Zäit hunn d'Mataarbechterinnen a Mataarbechter an der Moyenne fir den Traitement vun engem Dossier?
4. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass d'Aarbecht vum SCAS esou ka mat der néideger Suergfalt gemaach ginn? Wa nee, wat fir Ännerunge gesäit si konkret vir?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten